

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Marco Schank), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion

Mir hunn nach eng Motioun hei leie vun deene grénge Kolleegen. D'Motioun ass verdeelt ginn an Dir hutt se textuell virleien. Freet een d'Wuert? Den Här Mehlen freet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, déi Motioun ass mer ganz sympathesch. Et ass just am leschten Tired, wou déi Gréng froen: „A charger un bureau d'études avec l'élaboration de normes indicatives pour les différents types de bâtiments“, dat stéiert mech. Et soll een de Ministère opfuederen, fir déi Normen ze presentéieren. Wéi ee sech dofir uelet, dat soll een der Regierung iwwerloossen. Ech fannen et komesch, datt d'Chamber soll d'Regierung opfuederen, fir engem Bureau d'études eng Aufgab ze iwwerdroen. Dat ass d'Missioun vun der Regierung. Ech sinn der Meenung, et gëtt esouvill international Normen a Referenzen, datt och eng Regierung misst an der Lag sinn, dat ze maachen, ouni datt se e Bureau d'études muss domat chargéieren.

M. le Président.- D'Madame Renée Wagener freet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mir hu kee Problem fir déi dote Propos unzehuelen.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert déi Motioun. Et ass ee Vote par main levée.

Vote

Wien ass fir déi Motioun?

Wien ass dergéint?

Jo, also d'Majoritéit, déi ass dergéint. Da wier domadder d'Motioun ofgelehnt.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5007 iwwert d'Services postaux.

Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Beissel an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf.

2. 5007 – Projet de loi portant modification de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

Rapport de la Commission des Media et des Communications

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei ee gudden Projet de loi, dee méi wéi en Iwwergangsprojet ass. En ass koherent, et ass en Instrument dat alles regelt an dem natierleche Wuesstum vun eiser Post Rechnung dréit.

Dat war eng vun de Konklusioune, déi ech gezunn hat am Joer 2000, den 30. November hei an der Chamber. De 15. Dezember, wann ech kucken, wéi dee Projet de loi hei iwwert d'Bühn gaangen ass, da muss ech soen, da wärte mer eis wahrscheinlech an esou enger Logik bewegen. Well d'Tatsaach ass, dass dëse Projet den 12. August 2002 déposéiert ginn ass. An haut, den 12. Dezember also, just 4 Méint hannendrun, kënne mer dann dëse Projet hei stëmmen. D'Avis sinn och ganz séier komm. Déi meescht waren am Mount September do, déi vun der Chambre des Fonctionnaires, d'Employés privés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre de Travail. An och de 25. November ass de Rapporteur genannt ginn, an de 26. November huet de Statsrot säin Avis ginn.

Den Objet also vun dësem Projet ass jo, déi Direktiv 2002/39/CE vum Europaparlament ëmzesetzen, déi am Conseil den 10. Juni 2002 geholl ginn ass. Mir ginn hei vun enger Direktiv aus, déi an deem Gesetz vum 15. Dezember 2000 ëmgesat ginn ass, d'Direktiv 97/67/CE, wou et drëm geet de Bannemaart hei an Europa iergendwéi ze reglementéieren, an zwar am Postsecteur. Hei soll dee berühmte Service universel kommen, wou mer am Joer 2000 vill Diskussiounen driwwer haten.

Wat ass dat iwwerhaupt, dee Service universel? Dee Service universel, do geet et ëm d'Ophiewen, den Transport, den Tri an d'Verdeele vun der Inlandskorrespondenz, ob se accélériert ass oder net. Hei muss verschidde Critèrë bestoe bleiwen. Fir d'éischt den typesche Bréifdréier wéi mer e kennen, dee bleift weider an eise Stroossen, dee gesi mer weider. Dat heescht d'Proximitéit gëtt och gehalen. Et brauch een also net wäit ze goe fir an d'Bréifboite. D'Universalitéit muss also geographesch sinn, am ganze Land muss Bréifboiten opgestallt ginn a muss d'Post verdeelt ginn. Hei spillt déi sougenannte Péréquation tarifaire. Dann hu mer och de Prinzip vun der Upassung, oder vun Adaptatioun, deen deen ass, dass déi technesch Entwécklung, déi et an deem Beräich gëtt, och muss afléissen. Dat sinn also d'Elementer vun esou engem Service universel.

A wat och ganz wichteg ass: Deen eenzelne Bierger muss informéiert ginn eemol d'Joer an dësem Service universel. Dat geschitt dann och esou. An oft ginn och d'Timber mat an dëse Service universel abezunn. D'Timberen ass awer, fir déi an den Émlaf ze bréngen, eng aner Konzessioun, déi do spillt.

Gutt, mir hunn also elo d'Direktiv 97/67/CE. Déi ass jo dann ëmgesat ginn an déi 2002/39/CE, an do si fir d'éischt Propositione komm vun

der europäescher Kommissioun. Do sinn Etüde realiséiert ginn an de Jore '96 bis '99. Do sinn da Propositions de directives gemaach ginn. Do ass gemengt ginn, 20% missten, en moyenne vun de Revenuë vun deenen eenzele Posten an de Länner, am Fong geholl opgemaach ginn, an et misst dann eng Fourchette festgeluegt gi vun 350 Gramm op fënnf mol de Basistarif. De Basistarif vun engem Bréif war fréier 18 Frang, haut sinn dat 45 Cent. Fënnf mol, dat sinn 90 Frang. Dat heescht also, all Courrier, dee méi deier ass wéi 90 Frang, respektiv méi wéi 350 Gramm weit, ass net méi reservéiert. Do kënnen och aner Leit sech dorëm këmmen, loosse mer emol esou soen. Dat ass jo och geschitt am Joer 2000. Elo ginn déi Wäerter erofgesat.

Déi nächst Etapp ass also déi, fir dës Wäerter erfesetzen. An dann hate si gemengt – deemools, d'Kommissioun, an de Joren '96, '97, '98, '99 - et misst am Joer 2007 eng weider Öffnung kommen. D'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung awer, besonnesch och da vun de Postministere, war do ganz strikt, an d'Lëtzebuerger hunn sech am Conseil des Ministres vun de Postministere, ënnert de Presidenze vun de Fransosen, de Schweden an de Belsch, op véier Punkten do festgeneelt, géif ech bal soen. Éischters sollten déi reservéiert Servicer op engem Niveau sinn, dass den universelle Service eng héich Qualitéit behält. Zweetens sollt et esou sinn, dass de Publipostage an déi Bréiwer, déi iwwert d'Grenzen erausginn, déi „transfrontaliers“, déi sollte reservéiert bleiwen, a besonnesch jo fir Lëtzebuerg, well mir eng spezifesch Situatioun hei hunn. Dat ass och als Conditio sine qua non dohinner gestallt ginn. Deen drëtten Punkt, dat war deen, fir ee Kalender opzestellen, dee raisonnabel ass, deen et eiser Post erméiglecht, sech dësen neien Donnéeën ze adaptéieren. An dee véierten - och ee ganz wichtege Punkt -, dass déi ganz Mechanismen net dierfen automatesch kommen, mä hei muss ganz kloer d'Prozedur vun der Co-décisioun spillen.

Well mer déi Garantie kritt hunn, konnte mer eis dunno dranhänken. Déi Garantie si gefall de 6. Dezember 2001 am Conseil des Ministres an der Présidence belge, wou mer do da Recht kritt hunn op eng gewëssen Aart a Weis. Mir hu gesot kritt: Dir kënnt effektiv de Courrier transfrontalier an de Publipostage reservéieren, wann dat noutwenneg ass, fir am Fong geholl Ären universelle Service um Liewen ze halen. Anescht musst Der awer d'Konkurrenz opmaachen.

Do sinn dann Échéancë festgeluegt ginn. 2003 gi mer vun deenen 350 Gramm op 100 Gramm erf. Vum Präis gi mer vu 5 Mol de Basispräis op 3 Mol de Basispräis erf. Am Joer 2006 kënnst eng nächst Etapp. Do sinn et nëmme méi Bréiwer bis 50 Gramm, déi reservéiert sinn an den Tarif ass nëmme méi dee vun 2,5 Mol 45 Cent an dësem Fall, oder, wéi et virdu war, 18 Frang. Wat och dann eben nei ass ass, dass vun 2003 un - an dat ass jo elo dat wat den 1. Januar antrëtt - de Courrier transfrontalier och misst net méi reservéiert sinn, mä do si Länner déi dat dierfen. A mir Lëtzebuerger, mir dierfen dat jo. D'Europaparlament huet och an dësem Kontext drop gehalen, dass hei solle Kontrolle gemaach ginn an de Marché sollt évaluéiert ginn, an et sollte regelméisseg Rapporte gemaach gi fir ze kucken, wéi déi Direktiv applizéiert gëtt.

Mir hunn also hei zu Lëtzebuerg, elo vum 1. Januar un, nëmme méi e reservéierte Service bis 100 Gramm, de Präis dräimol, hat ech lech gesot, vun engem Standardbréif. Zweetens, de Courrier trans-

frontalier, deen iwwert d'Grenzen erausgeet - et ass deen, deen zielt - kënne mer nach weider halen, well deen am Fong geholl eis d'Méiglechkeet gëtt, de Service universel, well mer e klenge Land sinn, ze assuréieren. 2006, hat ech lech jo gesot, gëtt et 50 Gramm an 2,5 Mol den Tarif vun engem Standardbréif.

Déi Dispositiounen, déi nach an där aler Direktiv stoungen, sinn natierlech nach alleguerte rechtskräfteg. D'Direktiv 2002 ass en vigueur, se muss also ëmgesat si bis den 31. Dezember 2002. Se ass a Kraaft getrueden de 5. Juli 2002. Mir zu Lëtzebuerg sinn an enger spezifischer Situatioun, ech hat lech et jo gesot. Et ass drëm gaange fir 20% en moyenne vun de Revenuë vun de Poste fräizemachen. A Lëtzebuerg waren et mat där éischter Etapp schon 18%. Elo komme mer mat der zweeter Etapp vun 2003 schon op 42% vum Chiffre d'affaires vun der Lëtzebuerger Post, déi scho fräigemaach ginn. Am Joer 2006 sinn et 48%.

Dat beweist also, dass déi Situatioun ganz spezifesch ass fir Lëtzebuerg. Och d'Avis vun de Chambres professionnelles si ganz verschidden. D'Employés privés an d'Fonctionnaires an Employés publics ginn net ganz vill Observatiounen, während d'Handelskammer an och d'Aarbechterkammer vill méi Diskussiounen féieren.

Déi eng, d'Chambre de Travail, ass géint d'Öffnung vun Maart. Si sinn net d'accord. Si soen hei géif Lobbyismus vu Bréissel spillen. Si stellen zwar fest, dass d'Marge de manœuvre vu Lëtzebuerg kleng war, dass dat awer eng gutt Saach war, dass mer konnte Servicer reservéieren, fir déi Post déi iwwert d'Grenzen erausgeet a fir de Publipostage, mä si fannen awer, dass am Fong geholl déi Direktiven net genuch op d'Particularitéite vun den eenzelne Länner aginn. Si hätten och dofir gär, dass systematesch Evaluatiounen sollte gemaach ginn am Fong geholl, fir dann ze kucken wéi dee ganze System funktionéiert. Well si sinn der Meenung, dass déi natierlech Monopolen, déi entstane sinn, een normale Phänomene waren an dass et net gutt ass, wann een ze vill kommerziell Logik an dat Ganzt erabréngt. Si mengen, do géife mer eng Segmentéierung kréien an dofir hätte si gären, dass een d'Konsequenze vun der Liberaliséierung an dësem Beräich soll analyséieren, besonnesch och wat de Präis ugeet, an d'Qualitéit vum Service, an och wat d'Aarbechtsplazen, d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an d'Qualitéit vun den Aarbechtsplazen ugeet. Eis Chambre de Travail wëllt also keng weider Liberaliséierung vun dësen öffentleche Servicer.

D'Chambre de Commerce ass just de Contraire. Si insistéieren drop, dass een nach méi wäit soll goen an der Liberaliséierung. Si soen, dat wär gutt fir den Essor économique, fir d'Ekonomie ze förderen. Si soen d'Expérience hätt gewisen, datt d'Präisser géife méi interessant ginn duerch Konkurrenz. Si stelle souguer fest, dass d'Post verschidde Réduktiounen mécht, déi differenzéiert sinn, ob elo déi Servicer am Monopol sinn oder net, an dass do eng Präispolitik gemaach gëtt, déi eventuell d'kommerziell Loyalitéit géif a Fro stellen. De Monopol vun der Post soll op ee Minimum reduzéiert ginn, ass hir Meenung, fir d'Effizienz an d'Rentabilitéit ze steigern. D'Konkurrenz muss natierlech esou modeléiert ginn, dass d'Post ka weiderbestoen, mä de Privatséktor muss och kënnen hei ee Wuert matschwätzen. Si stellen och d'Fro, ob net esouguer och déi aner Posten, déi aner öffentlech Poste vun den Nopeschlänner en Effet op dat Ganzt hätten.

Si mengen och d'Struktur vum Personal wär ze rigid bei der Post, a fir do an eng Dynamiséierung ze kommen, misst een aner Weeër goen. Si stelle fest, dass d'Post am

Fong geholl ee Bilan d'Joer mécht fir hir Services postaux, fir hir Finanzservicen a fir d'Telekommunikationsservicen. Si hätte léiwer, dat géife séparéiert Bilan ginn, fir eng besser Asicht ze kréien, awéi fern d'Ouverture vum Marché stattfënnt oder net stattfënnt.

Da stelle se Froe mam Publipostage, wou se am léifsten hätten, dat géif och privat ofgehandelt ginn. Wat elo d'Subventions croisées ugeet, déi am Artikel 5 stinn, hätten se gären, dass am Fong geholl zu Lëtzebuerg dat ganz restriktiv behandelt gëtt. De Statsrot geet net an op d'Opportunitéit, ob esou e Monopol gutt oder schlecht ass. Hie seet just, dass wann eng Charge de la preuve misst sinn, da misst d'Post déi weisen, fir ze beweisen, dass et noutwenneg ass, dass een esou Monopolen nach hält. Am Kader vum Avis vum Statsrot kann een nach soen, dass am Fong geholl d'Post soll vun dem Maximum vu Servicer, dee mir hir reservéieren, profitéieren, fir sech ze preparéieren op d'Joer 2009, wann déi ganz Mäert opginn.

Ech wollt da just kuerz op déi Artikelen agoen, wou Observatiounen ware vum Statsrot. Dat ass den Artikel 2, wou et drëm geet, am Kader vun de Reklamatiounen eng Ausweitung op all d'Opérateuren, déi am universelle Postservice aktiv sinn, ze maachen. Dat hätt een och kënne maache fir Servicer, déi net universell sinn. Dorop huet de Législateur awer net zréckgegraff. Do bleiwe mir an enger Logik, un déi d'Kommissioun sech dann och ralléiert huet.

Den Artikel 3 ass am Fong geholl d'Häerzstéck vun deem Ganzen. Do gi jo déi Wäerter festgeluegt, déi zwou Etappe vun 2003 an 2006. Do geet et am Fong geholl och drëm, fir de Präis an d'Gewicht ofzeweien. An der aler Logik vum Gesetz vun 2000 ass fir d'éischt de Präis komm, an dann d'Gewicht. Et gëtt awer elo gemengt, et wär méi logesch, d'Gewicht ze kucken an dann ze kucken ob de Präis dee richtegen ass.

Beim Artikel 6 ass eng Ännerung. Do ass éischters emol eng Erreur matérielle gewiescht; dofir hat Dir och op Ärem Dësch en neit Document parlementaire, e Corrigendum, leien, well bei deem Artikel ass e kleng Feeler ënnerlaf. Do hate mir geschriwwen de Paragraph „h“, an et ass de Paragraph „m“. Datselwecht ass beim Artikel 7.

Wat den Artikel 6 ugeet, do huet d'Kommissioun hiren Accord ginn, grad esou wéi fir den Artikel 7, wou awer Diskussiounen waren, wat am Fong geholl d'Attributions de la police judiciaire ugeet. Do ass en neien Amendement komm vum Statsrot, den neien Artikel 25bis, soss hätt e sech opposéiert. Do steet och dran, dass déi Leit, déi esou e Pouvoir judiciaire hunn, mussen veredegt sinn. Do hu mir eis ralléiert als Kommissioun. Dir gesitt also, dass dëse Projet de loi net vill Diskussiounen bruecht huet. En huet e grouss Konsensus fonnt, et gouf just zwou Enthaltungen.

Ech géif ofschléissen, andeem ech dem Minister, dem Här Biltgen, merci soe fir dëse gudden Projet. Des Weidere géif ech gären dem Här Paul Schuh, dem Vertrieeder vum Ministre délégué aux Communications, souwéi der Madame Cocard, eiser Sekretärin, merci soen. Ech wollt an engems dovun profitéieren, fir den Accord vun der CSV ze bréngen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

Den Här Jung freet nach d'Wuert.

M. Ady Jung (CSV).- Här President, ech hunn elo just op mengem Écran festgestallt, dass e Member vun der sozialistescher

Fraktioun, deen net am Sall ass, am perséinlechen Numm ofgestëmmt huet. Datselwecht war och schonn de Moien de Fall, a well et sech dobäi ëm eng Fraude handelt, wou öffentlech Gelder um Spill stinn, bieden ech den Här President, dat iwwerpräifen ze wëllen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Dat ass dach net méiglech!

(Interruption)

M. Ady Jung (CSV).- Dir braucht nëmmen nozekucken.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Da sot eis wien.

M. le Président.- Abbee, mir kucken dat no. Den Här Fayot huet d'Wuert.

(Interruptions)

Une voix.- Jo, si ass net hei.

M. Ady Jung (CSV).- Jo, mä si huet mat «oui» ofgestëmmt.

Une autre voix.- Wéi ka se da mat «oui» ofstëmmen, wa se net hei ass?

(Hilarité)

M. Ady Jung (CSV).- Da kuckt um Écran no, do steet et ganz däitlech.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech proposéieren eng Enquêtékommisioun.

M. Ady Jung (CSV).- Voilà!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech mengen, mir mussen eng Enquête maachen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, mir si jo fäerdeg domat?

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, wéi scho vum Rapporteur gesot, hu mir jo an dëser Legislatioun schonn eng laang an ausféierlech Diskussioun iwwert d'Liberalisatioun vun de Postservicer hei gehat, an zwar den 30. November 2000. Et war am Zesummenhang mam Gesetz 4524 iwwert d'Postservicer an d'Finanzservicer vun der Post.

An där Debatt huet eis Spriecherin, d'Madame Delvaux, fir eis Fraktioun wichteg Saachen iwwert den ideologeschen Hannergrond vun der Liberalisatioun insgesamt a besonnesch vun der Liberalisatioun vun de Postservicer duergeluecht. Mir ginn dovunner aus, dass d'Post, méi nach wéi d'Telekommunikationsservicer, eng wichteg Roll fir d'Kohesioun vun der Gesellschaft spillt. Fir vill Leit ass de Kontakt mam Bréifdréier mat déi eenzeg Beréierung mat enger offizieller Autoritéit. D'Post ass och e strukturéierend Element fir en Territoire, besonnesch a manner besiedelte Gebidder. Dass d'Postservicer mat der Zäit besser gi sinn, verdanke mir awer och enger gewässer Konkurrenz, dat soll een net leugnen, déi ze enger besserer Produktivitéit gefouert huet.

Vis-à-vis vun der Öffnung fir d'Konkurrenz steet de Prinzip vum Service universel. Ech gesinn de Service universel perséinlech net - ech hunn dat ni gemaach - als e Minimaldéngscht, mä als en zolitte Service public. E muss iwwert de ganzen Territoire assuréiert ginn. Hien däerf och vu kengem ze wäit ewech sinn. Hie muss jiddferengem zu engem abordable Präis zur Verfügung stoen. Hie muss iwwerall um Territoire deeselwechte sinn, an hie muss modern an effikass sinn. Dat heescht, dass e Bréif net egal wéi laang op der Rees däerf sinn.

An deem Zesummenhang wëll ech soen, dass d'Europäesch Unioun oft accuséiert gëtt vu gewësse

Kreesser vun Euroskepticker a Feinde vun der Europäescher Unioun, alles wëllen ze liberaliséieren an ze privatiséieren, fir d'öffentlech Déngschter an déi öffentlech Entreprisé wëllen ze zerstéieren. Ech gesinn awer an de Considéranté vun der Direktiv 2002/39/CE, déi mir elo hei transposéieren, dass do ganz staark op déi Aspekter gepocht gëtt.

Ech zitieren der e puer. Et gëtt éischstens emol drop gepocht, dass eng Garantie durable vun der Prestation de service universel besteet. Et gëtt och op den Artikel 16 vum Traité vun der europäescher Gemeinschaft higewisen, andeem déi wichteg Plaz vun de Services d'intérêt économique général ënnerstrach gëtt, als ee vun deene gemeinsame Wäerter vun der Europäescher Unioun. Dat gëtt ze wéineg béuecht, menger Ansicht no. Et geet och drëm, fir déi sozial an territorial Kohesioun vun de Mitgliedslänner ze förderen. Et gëtt och op Motiounen a Resolutiounen vum Europaparlament higewisen. Där ginn et der eng ganz Partie. Ech hunn der selwer mat gestëmmt 1999/2000 iwwert d'Importenz vun de Servicer an de Wonsch no Service universel de haute qualité. Et gëtt op déi sozial Missiounen nom Artikel zwee vum Traité vun der Europäescher Unioun higewisen, déi mat dem Service public zesummenhängen.

Et gëtt also eng ganz Partie Wäerter a méi ideologesch Elementer, déi drop hiweisen, dass d'Europäesch Unioun net elo mordicus ass, fir öffentlech Déngschter an öffentlech Entreprisé futti ze maachen, an duerch privat Servicer ze ersetzen. Ech wëll dat hei wierklech mat aller Däitlechkeet gesot hunn. Et geet also engersäits wuel ëm eng gewësse Liberalisatioun, op där anerer Säit awer geet et drëm, fir e Service universel, en öffentlechen Déngscht an dësem Secteur ze erhalen.

D'Gesetz vum 15. Dezember 2000, wat jo déi viregt Direktiv vun 1997 transposéiert huet, huet nach eng Kéier - dorunner wëll ech erënneren - déi Exigenzen alleguerte vis-à-vis vum Postbedreiwer festgeluegt. Fir dat vis-à-vis vun der öffentlecher Entreprise vun de P&T ze kontrolléieren, hu mir e Régulateur agesat.

Här President, d'Lëtzebuerger Post huet sech an deene leschte Joren an hirer Strategie gutt un déi verännert Konditiounen vun der Zäit ugepasst. D'Kommunikatioun ënnert de Leit huet sech natierlech vill geännert par rapport zu fréier. Ech brauch net méi dorobber zrëckzekommen, dass manner Bréiwer, duerfir awer méi SMSen a méi Maille geschriwwen ginn, an dass méi telefonéiert gëtt. Ech mengen, d'öffentlech Entreprise ass wuel capabel, fir sech un dee gewandelte Maart unzupassen. Dat geet eis an der Politik näischt un. Dofir hu mir jo eng öffentlech Entreprise gemaach, déi eng kommerziell a strategesch Onofhängegkeet huet.

Glécklecherweis, wëll ech allerdéngs soen, gëtt net méi vun der Opspléckung vun der Entreprise vun de P&T geschwat, wéi dat een Abléck no der Regierungserklärung vum 12. August 1999 ze erwaarde war. Ech erënnere mech un eng Ausso vum Statsminister deemools, ech zitieren: "Mir engagéieren eng Reflexioun iwwert d'Opportunitéit" - hie war ganz virsiichteg deemools, dat muss een zwar scho soen - "vun der Opdeelung vun der Post- an der Telekommunikationsaktivitéit an zwou getrennte Gesellschaften." Dovunner geet elo keng Rieds méi. Dat ass och gutt esou.

D'Entreprise vun de P&T, déi et elo gëtt, ass menger Ansicht no staark genuch, fir sech um Maart ze behaapten, a mat deene géeeignete Partner sech weider ze entwéckelen.

Här President, ech ka mech nach gutt erënneren, wéi déi Debatt iwwert d'Postservicer am Europapar-

lament Mëtt den 90er Joren ugefaangen huet. Fir d'éischt ware jo d'Telekommunikationsservicer liberaliséiert ginn, well och do de gréissten technologesche Fortschritt ze verzechnen war, och déi gréisste Pressioun vun den Utilisateuren, fir schnell an effikass ze moderniséieren.

Bei der Post war et vun Ufank u kloer, dass ee sollt méi lues a méi virsichteg virgoen, aus enger Partie vun deenen Ursachen, déi ech schonn duergeluegt hunn, mä bei der Post gouf et och scho vun Ufank u ëmmer grouss Ennerscheeder ënnert de Memberlänner. Et gouf Länner wéi Holland oder Schweden, déi hir Post scho privatiséiert a liberaliséiert haten, an déi Interesse un engem méiglechst groussen, fräie Bannemaart och op deem Secteur haten, an et gouf der, déi staark um Service public gehalen hunn, wéi zum Beispill Frankräich, mä och Lëtzebuerg. An op jidde Fall war et vun Ufank u kloer, dass an deem Secteur do et méi schwéier wär, an och et méi laang géif daueren, fir ee Kompromëss ze fannen ënnert de Memberlänner. Et hat een allerdéngs d'Impressioun, wéi déi éischt Liberalisatioun vun der Kommissioun duergesat gi war, dass et elo misst accélériert ginn. Ech erënnere drun, dass, wéi mer déi éischt Liberalisatioun de 15. Dezember 2000 hei transposéiert hatten, déi Direktiv vun 1997, dass schonn déi zweet deemools um Dësch louch.

Déi Direktiv, déi mer elo ze transposéieren hunn, an déi jo den 1. Januar 2003 soll en vigueur treden, berout op engem Kompromëss, deen am Ministerrot de 5. Dezember 2001 fonnt ginn ass, an dee Kompromëss huet Lëtzebuerg matgemaach, no den Aussoe vum Minister, well déi Direktiv d'Memberlänner autoriséiert fir de Service réservé am Courier transfrontalier an am Publipostage ze erhalen, esouwäit wéi dat néideg ass, fir d'Prestations du service universel ze assuréieren.

Déi Direktiv allerdéngs, an dat ass de wesentlechen, de spréngende Punkt, decidéiert eigentlech schonn zwou weider Etappe vu Liberalisatioun. Déi éischt vum 1. Januar 2003 fixéiert d'Gewicht op 100 Gramm an de Präis op dräimol den Tarif. A vum 1. Januar 2006 u geet et erof op 50 Gramm an de Präis op 2,5 Mol de Präis. An eng drëtt Etapp soll 2009 dann hannendru kommen.

Allerdéngs, dat muss een och soen, virun der drëtter Etapp soll d'Kommissioun, ech zitieren: „Devra présenter avant le 31 décembre 2006 un rapport au Parlement européen et au Conseil, assorti d'une proposition confirmant le cas échéant la date de 2009 pour l'achèvement du marché intérieur“. Dat ass also eng Obligatioun fir d'Kommissioun. Et ass allerdéngs net fir d'éischt, wou d'Kommissioun e Rapport gefrot kritt a se kee presentéiert huet.

De Projet de loi transposéiert also dës Direktiv. Mir halen also de Service réservé, also de Monopol vun der Post, fir de Courier transfrontalier an de Publipostage, mat deene Limitatiounen vu Gewicht a Präis, déi ech uginn hunn. De Rapporteur, hu mer gelies a sengem ausféierlechen, exzellente Rapport, approuvéiert natierlech d'Halting vun der Lëtzebuerger Regierung bei der Négociatioun, an en erënnert do un déi véier Exigenzen vun der Lëtzebuerger Delegatioun.

Et war éischstens, dass de Service réservé op engem méiglechst héijen Niveau sollt erhalen bleiwen, wéinegstens fir de Service universel ze finanzéieren.

Zweetens, dass ebe Service transfrontalier a Publipostage am Service réservé sollt bleiwen.

Drëttens, dass de Kalenner, fir dat ze maachen, rasonnabel wär, fir dass d'Entreprise sech dorunner kann upassen.

A véiertens, keen Automatismus fir d'Décision finale. An do schreift dann nach de Rapporteur dobäi: „...mais procédure de co-décision“. Dat hunn ech eigentlech net richtig verstanen, well mer jo hei souwisou an enger Procédure de co-décision sinn. Also ees wéi ees, egal wat do geschitt, Här Minister, hunn ech dat falsch verstanen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.- Ech wëll de Rapporteur net interpretéieren, mä ech wëll just soen, d'Fro, déi sech effektiv gestallt huet an Europa, war, dass d'Kommissioun an eng ganz Partie Länner ebe wollte mat dëser Co-décisioun vun dëser Direktiv, déi aner scho vir ewech huelen, soen, et wär schonn definitiv dran an et géif keng nei Co-décisioun méi kommen. An esou hunn ech och de Rapport verstanen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Et géif keen neie Projet méi kommen, et géif keen neien...

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.- Voilà, et wär automatesch, an hei ginn d'Kaarten nach eng Kéier frësch gemëscht op Grond vun deem Rapport vun der Kommissioun. Dat war fir eis dat Wesentlech.

M. Ben Fayot (LSAP).- Jo. D'accord. Et kann een allerdéngs, Här President, e bësse skeptesch si vis-à-vis vun där Lëtzebuerger Position, an och vis-à-vis vun deem Resultat, wat mer do erreecht hunn. Well en fait ass jo de spréngende Punkt deen, dass mer bis elo nach keng Evaluatioun hu vun der Liberalisatioun, vun der éischter Phas vun der Liberalisatioun, op jidde Fall keng seriö Evaluatioun.

D'Bréisseler Kommissioun huet virun zwou Wochen, also ee Joer no där Décisioun, fir weider Etappe vu Liberalisatioun ze maachen, also d'Etappen 2 an 3, e Rapport publizéiert „sur l'état de transposition par les Etats membres“. Mä an deem Rapport vun der Kommissioun steet näischt iwwer d'Qualitéit vum Service universel. Et ass och kee Rapport iwwer d'Effete vun der Liberalisatioun op zum Beispill den Emploi an den Entreprises, wat awer ëmmer erëm, ech ka mech dat ganz gutt erënneren, am Europaparlament gefrot ginn ass, well gesot ginn ass, déi Postservicer an den eenzele Länner, dat si ganz grouss Entreprises, mat villen Employéen, mat villen Arbeitnehmer, an et muss opgepasst ginn, dass den Emploi safeguardéiert gëtt.

Mir hunn och iwwregens, Här President, den 30. November 2000 eestëmmeg an dëser Chamber eng Motioun ugeholl, déi vun onse grénge Kolleegen erabuecht ginn ass, a wou mir als sozialistesche Fraktioun gefrot haten, ee Saz dobäi ze kréien, deen och dran agefouert ginn ass, an dee Saz, dee war: „D'insister sur une évaluation globale de la première phase de la libéralisation, avant toute étape ultérieure“. Also: „Insister sur une évaluation globale de la première phase de la libéralisation“, éier soss eppes weider geschitt. Déi Demande vun onser Chamber ass net respektéiert ginn. Déi eenzeg Zuelen, déi mer hunn, ginn ons Opschloss iwwert d'Öffnung vum Maart, an déi Öffnung vum Maart no der éischter Etapp vun 2000 läit ëm 17% vum Marché postal zu Lëtzebuerg. Also ass se et trotzdeem, op jidde Fall, wann d'Zuelen, déi ons virleien, esou stëmmen. An d'Kommissioun annoncéiert, dass se wëllt vun 2003 un 20% vun de Revenuë vun de Postdéngschter opmaachen, woubäi mir jo awer scho bal mat der éischter Etapp déi Prozenter erreecht hunn. D'Etapp vun 2003, déi mer amgaange sinn, wäert eng Ouverture vun 42% vun de Revenuë vun de

Postdéngschter ausmaachen, a vun 2006 u komme mer dann op 48% vun deene Revenuen.

Mir wëssen awer op där anerer Säit näischt iwwert de Financement vun dem Service universel, iwwert de Coût vun deem Service universel, oder och iwwert de Risque fir de Financement dovunner, wann de Maart bis op 48% geet. An dat, Här President, et deet mer Leed, ass net dat wat mer eigentlech verstanen hunn ënner enger Evaluation globale, wéi mer se hei als Chamber eestëmmeg gefrot hunn.

Et kann ee sech also dann d'Fro stellen: Wat geschitt weider? Well den Text vun der Direktiv enthält schonn elo, dass et eng weider Etapp vu Liberalisatioun am Joer 2009 gëtt, esouguer wann natierlech deen Detail vun där Liberalisatioun nach muss diskutéiert ginn. An dat ass ons grouss Interrogatioun zu deem Pakt, dee vun der Regierung hei approuvéiert ginn ass an deen och an dësem Gesetzesprojet dran ass.

Dat alles, Här President, bréngt meng Fraktioun dozou, fir dësem Projet net seng Zoustëmmung ze ginn. Net - ech wëll dat ganz kloer hei soen - well mer mordicus géint d'Liberalisatioun wären, géint all Liberalisatioun wären, mä mir mengen awer, dass besonnesch bei der Post eng grouss Virsicht ubruecht ass, fir ee Service public ze erhalen, dee wichteg ass fir d'Kohesioun vun onsem Land an deen och wichteg ass fir den Zesummenhalt vun där Entreprise des P&T, déi eng grouss Roll am Emploi an och an der Economie zu Lëtzebuerg spillt.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel agedroen. D'Madame Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och mäi Merci un den Här Halsdorf fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech hunn den 30. November 2000 op dëser Tribün, an den Debatten zum Gesetz vum 15. Dezember 2000 iwwert d'Services postaux an d'Services financiers postaux schonn en long et en large all Facetté vun der Liberalisatioun vun de Postservicer belicht an och op d'Geforen higewisen, déi dës Liberalisatioun fir d'Lëtzebuerger Post bedeuten. Zumools - an dat ass jo de grouse Souci vun eis alleguerten - wann et géif ze vill schnell goen.

Mat deem Gesetz vun 2000 sinn no de Chifferen, déi mer elo kruten, 17% vum Lëtzebuerger Maart fir d'Konkurrenz opgaang. Elo debatéiere mer en neie Projet, wou d'Ouverture nach soll beschleunegt ginn. Konkret heescht dat - a meng Virriedner hunn et schonn ugedeit, an ech mengen, dat ass och eng Suerg, déi mer alleguerte verstinn - ënner anerem, dass no 2003 bis 42% vun der Post hirem Émsaz an esouguer no 2006 48% vun onser Lëtzebuerger Post hirem Émsaz der Konkurrenz sollen opgemaach ginn. Dat ass eng enorm Eerausforderung wann ee weess, wéi eis Post strukturéiert ass. Si ass am ganzen Émbau, si ass an enger ganz neier Phas, mä, ech mengen, si brauch déi néideg Zäit, fir sech ze adaptéieren.

Ech erënneren drun, an de Ben Fayot huet et virun och elo scho gesot, wéi d'Aarbechten am Europaparlament gelaf sinn. Wéi d'Virbereedungsphas war vun der Direktiv 2002/39/CE, huet d'Lëtzebuerger Delegatioun am Comité des Régions zu Bréissel, grad esou wéi d'Lëtzebuerger Delegatioun och am Europaparlament, esou wäit wéi dat méiglech war, a mir hunn dat mat der Hëllef vun der Postdirektioun gemaach, wierklech haart gekämpft, esou gutt wéi et

gaangen ass, fir de Liberalisatiounstendenzen, an haaptsächlech der Beschleunegung vun der EU-Kommissioun, eng Brems virzeschieben. Ech ka mech erënnere, et war ganz spannend, well et sinn Allianze geschmitt gi mat anere Länner, déi ongeféier déiselwecht Soucien haten. Mir hunn do d'Chance gehat, fir eis duerchzesetzen, fir op d'mannst a punkto Grammen, also Erofsetze vun de Grammen, an och am Festsetze vun den Etappen Zäit ze gewannen; do hu mer eis Vuen duerchgesat kritt. Dat hu mer natierlech alles gemaach an der Optik, fir eiser Lëtzebuerger Regierung, déi selwer an haarde Verhandlungen zu Brüssel war, sou gutt wéi méiglech de Réck ze stäipen, fir hinnen och ze hëllefen, fir en akzeptabele Kompromëss erauszuschloen.

Här President, aus all deenen Iwwerleeunge vu menge Virriedner, an och déi ech selwer nach eng Kéier wëll ënnersträichen, geet ganz kloer ervir, dass d'Lëtzebuerger Post enorm Défië viru sech huet, déi se schnellstens meeschtere muss. Si kann net, wéi hir grouss auslännesch Postschwësteren, einfach sech majoritär an anere Postoperatoren akafen oder einfach an aner Aktivitéitsfelder massiv investéieren, fir sech do einfach nei an zousätzlech Standbeener ze verschafen. Wann een d'Surface financière an d'Capacité financière vun eiser Lëtzebuerger Post kuckt, par rapport zu enger däitscher Telekom oder enger franséischer Télécom, ech mengen, da versteet ee ganz schnell, dass si net esou einfach hei zu Lëtzebuerg d'Verloschter um Heemechtsmaart duerch potenziell nei Benefisser um auslännesche Maart kann opfänken. Mir wësse wéi schwierig eis Lëtzebuerger Betriber, egal vu wat fir enger Envergnung, et hunn, fir am Ausland op d'Marchéën ze kommen. Eis Post ass Prestataire vun engem Service universel de qualité an à prix accessible fir jiddferen, muss sech also engersäits géint eng ëmmer méi staark present privat Konkurrenz wieren, an anerersäits muss se den Erwaardunge vun de Clienten an der Evoluitioun am technischen an am ekonomeschen, mä och - an dat ass ganz wichteg, an de Ben Fayot huet et nach eng Kéier ënnerstrach - am sozialen Ëmfeld gewuess sinn an em entgéintkommen.

Esou wéi de Rapporteur a wéi meng Virriedner wëll ech et nach eng Kéier widderhuelen an elo mat engem léiwe Beispill lech dat soen. Ech mengen, d'léif Bomi vun Huldang muss och nach kënnen an der Zukunft, wa se eleng wunnt, vun hirem Bréifdréier - an den „hirem“ ass ganz wichteg, well déi mënschlech Relatiounen an d'Qualité de vie, déi hänke ganz vill dovun of - hir Bréiwer kréien an och kënnen mat deem Mann, oder eventuell där Fra, sproochen, och wann darselwechter Bom et ganz vill Pleiséier mécht, fir dass hiert Enkelkand, während si vum Bréifdréier d'Bréiwer kritt, mat dem Handy vun Huldang op de Cap Horn telefonéiert.

Ech mengen, d'Evoluitioun op där enger Säit därerf net d'Liewensqualitéit op där anerer Säit aschmälere. Eis Post ass awer, am Verglach mat hiren auslännesche Schwësteren, e klengen Acteur. Dofir ass et wichteg, d'Politik, op allen Niveauen, eiser Post d'Méiglechkeet gëtt, fir sech nei Aktivitéitsberäicher ze erschléissen. Mir müssen der Post Zäit ginn, fir sech op hir Zukunft optimal virzubereeden. Mir müssen der Post och Zäit gi fir hir bestoend Aktivitéiten auszebauen, ze verbessere an och ze optimiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wee, deen dëse Projet de loi gewielt huet, ass richtig, well en ass akzeptabel fir onst Land a fir ons Post. Quitte dass ech mech meng Virriedner erschléissen, mä de Minister Biltgen weess dat besser wéi keen aneren, wëll ech

wierklech d'Regierung bieden, dass se sou gutt wéi méiglech oppassen a virsiichteg si soll, fir lues ze maachen oder ze versichen, dass déi aner net ze vill schnell maachen, dass mer zu Lëtzebuerg d'Qualitéit vum Service universel hunn, wat eis Post elo mol ass, fir all Schichte vun der Populatioun, an net nëmmen déi finanziell Stäerkt kënnen halen. Vu dass ech Fiduz hunn an d'Regierung, an ech weess, dass de Minister Biltgen alles gemaach huet wat e ka fir Bremse virzeschieben a Rigelen och, bréngen ech hei zu dësem Projet den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit fir d'éischt eise Merci un all Leit, besonnesch déi aus de Verwaltunge vu Stat a Chamber, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Wourëms et geet hu meng Virriedner hei schonn erkläert. Geännert gëtt dat éischt Gesetz aus dem Joer 2000, wat deemools opgrond vun enger europäescher Direktiv de formellen Ofbau vum staatleche Monopol alaude sollt an d'Konkurrenz bei de Postservicer aféiere sollt. A menger Interventioun wëll ech dem ADR seng Positioun zum Gesetz vun deemools an déiselwecht zum heitege Projet daitlech maachen:

1. Den ADR trëtt a fir ee gesécheren universelle Postdéngscht zugschichte vun allen.
2. Den ADR ass géint all künfteg Behënnerung vum fräie Maart zugschichte vu Privilegien.
3. Den ADR ass besuergt ëm d'Zukunft vum Personal vun der Post esou gutt wéi ëm dat vun de private Postservicer.

Här President, eent vun de grondleeënden Ziler vum Traité vun der Europäescher Unioun ass jo, déi fräi Maartwirtschaft um Gebitt vun den Déngschtleeschunge fir d'Konkurrenz opzemaachen. Et ass also noutwenneg, d'Postservicer fir d'Konkurrenz opzemaachen, domat d'Offer vun den Déngschtleeschunge fräi ze maachen, méi grouss ze maachen, méi Ubidder zu génschtegere Bedingunge méiglech ze maachen an esou d'wirtschaftlech Aktivitéit an Opschwonk ze favoriséieren.

D'Direktiv vum Dezember 1997 huet d'gemeinsam Regele festgeluegt, fir de Bannemaart vun de Postservicer ze entwéckelen an d'Qualitéit vun de Servicer ze verbessere an, ganz wichteg, d'Direktiv huet e Service universel op communautärem Niveau festgeluegt, als Assurance fir ee Qualitéitsservice zu Präisser, déi jiddferree bezuele kann. Wat fir d'Post bei dësem absolut noutwennegen universelle Service abegraff ass, stoung am Detail an der Direktiv an ass och schonn hei gesot ginn.

Dem ADR seng Suerg zugschichte vun dësem Postdéngscht fir all Leit ass kloer. Jiddferree muss säin dagdeegleche Courier kréien, egal wou hie wunnt: am eenzelnen Haus wäit ewech, grad esou gutt wéi am Reienhaus matzen an der Stad, egal ob ee Bréif pro Joer kënnt oder honnert pro Dag. Wichteg ass dobäi en identesche Präis vun Timber, net ze deier, an d'Garantie säi Courier regelméisseg ze kréien.

Här President, fir dem ADR seng Positioun daitlech ze maachen, ass et wichteg op d'Finanzéierung vun dësem Service zréckzekommen. Bis zum Joer 2000 war déi Finanzéierung einfach. D'Post hat de Monopol, konnt de Leit froen, wat se wollt, an huet esou e flächendeckende Betrib finanzéiert. Ass Konkurrenz am Spill, musse gläich Konditiounen geschafe ginn, also keng Korinthepickerei.

D'Direktiv vun 1997 huet et den eenzelne Länner fräi gelooss en Deel vum Courier nach weiderhin, fir de fréiere Monopolist, bei eis ass dat d'Entreprise Post, ze reservéieren, an domat dëse Service ze finanzéieren. Déi deemoleg Regierung huet festgeluegt, dass all Bréif bis zu engem Gewiicht vun 350 Gramm weiderhin am Monopol bleift, an huet domat déi héchstméiglech Barrière agesat, déi d'Direktiv zougelooss huet. Dës Bestëmmung war contraire zum Sënn vun der Direktiv, déi jo wollt de Secteur progressiv op déi verschidden Etappe vun der Fräiheet virbereeden a fit maachen.

Dëst war ee vun den Hauptgrënn, déi den ADR deemools dozou gefouert hunn, dat Gesetz net mat ze stëmmen. Des Weideren huet déi deemoleg Regierung eng nei an zousätzlech Chasse gardée fir de Monopolist Post an d'Gesetz mat agebaut: De Publipostage. D'Verdeelee vu Reklammen ass vun der Majoritéit vun den Deputéierten de Privatbetriber entzu ginn an der Post ouni Konkurrenz zougesprach ginn. Amplaz d'Geleeënheet ze notzen, eis Post an hiert Personal deemools schonn am Viraus op d'Erausfuorderung vun der fräier Maartwirtschaft virzubereeden, flexibel an effikass ze ginn, an ze léieren innovativ ze reagéieren, an amplaz de Leit an de Betriber d'Méiglechkeet ze schafe vu besereen a präiswäerte Servicer kënnen ze profitéieren, huet déi deemoleg Regierung eng zousätzlech künstlech Behënnerung vun der Konkurrenz geschaf, mam Resultat, déi wirtschaftlech Aktivitéiten aus dem Privatsektor ze behënneren. Dëst war deen zweete wichtige Grond, deen den ADR dozou gefouert huet d'Gesetz vum Joer 2000 net mat ze stëmmen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Här President, déi nei europäesch Direktiv staamt aus dësem Joer a muss virum 1. Januar 2003 a Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat sinn. D'Ännerungen, déi mat dësem Projet virgeholl ginn, schrauwen d'Monopolpositioun vun der Post an zwou weideren Etappen zréck. Dës Etappe si scho genannt ginn.

Vum 1. Januar 2003 u gëtt déi iewescht Grenz vun 350 op 100 Gramm zréckgesat, a vum Joer 2006 un op 50 Gramm. Dat heescht, duerno gehéiere just nach Bréiwer ënner 50 Gramm Gewiicht zur Post, déi fir de Monopolist reservéiert bleiwen. Wat d'Gewiicht vum reservéierte Courier ubelaangt, wäert mir dann elo schlussendlech esou wäit, wéi den ADR dat am Joer 2000 bei den Debatten an der Chamber verlaangt hat. Mat engem éischte vun zwee Amendementen hu mir gesot, dass déi ënnescht Limite vu 50 Gramm misst an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Op dësem Punkt geet de Projet also op de richtige Wee. Den ADR verzicht dofir drop, dësen Amendement aus dem Joer 2000 nach eng Kéier ze presentéieren.

Et ass awer festzehalen, dass d'Regierung vu virdrun an déi heiteg Regierung mat dësen Délaie vill Zäit verplëmpere an eng Chance verpassen, déi déi aner Länner ergraff hunn, fir hir Servicer ze reorganiséieren. Wann elo fälschlecherweis gesot gëtt, duerch dësen Délai hätt d'Post en décke Benefiss agestach a géif och elo nach e puer Joer weider en décke Benefiss astiechen, da muss ech drun erënnere, dass et d'Leit hei am Land sinn an d'Betriber, déi dës erhéichte Käschte fir d'éischt emol musse verdéngen an opbréngen. Dobäi ënnerläit eis Ekonomie jo der direkter Konkurrenz aus dem Ausland a kann net op eng Chasse gardée zréckgräfen.

Dës Benefisser vun der Post hunn och näischt mam Käschtepunkt ze

dinn, deen noutwenneg ass, fir en Universalservice ze garantéieren. Dofir ass et onverständlech, dass dës Regierung sech weiderhin drop behaupt, de Publipostage gesetzlech ënnert de reservéierte Servicer ze halen. Ech widderhuelen: Dës Dispositiounen féieren zu engem Resultat, wat der Direktiv diametral entgéint leeft. Den ADR verlaangt, dass den Artikel 15 vum Gesetz vum 15. Dezember 2000 och ëmgeännert gëtt, fir dëse Publipostage aus de reservéierte Servicer erauszehalen.

Une voix. - Très bien.

M. Fernand Greisen (ADR). - Ech wëll dofir nach eng Kéier dat selwecht Amendement wéi virun zwee Joer iwwerreechen.

Amendement 1

Article 3

Le libellé du paragraphe (2) de l'article 15 est modifié comme suit:

Les mots „et le publipostage“ sont rayés.

L'article 15 (2) se lit comme suit:

„Le courrier transfrontière est réservé dans les limites de prix et poids fixées ci-dessus.“

(s.) Fernand Greisen, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ADR huet scho beim éischte Projet am Joer 2000 verlaangt, dass d'Zäit misst benotzt ginn, fir eis Entreprise Post an hiert Personal op déi nei Erausfuorderung virzubereeden. Mat eisen Iwwerleeunge vun deemools, déi haut nach déiselwecht sinn, kann all Postgewerkschaftler averstane sinn.

Mir hunn eis Suergen ëm d'Zukunft vun de Bréifdréier gemaach, well mir wëssen, dass elo nach d'Beamte vill ze schleefen hunn. Ech hunn erkläert, dass d'Gewiicht meeschtens Reklame sinn. Et ass net noutwenneg, en deier bezuelten héich ausgebildete vereedegte Beamten ze benotzen, fir Reklammen auszedeelen. Mir hu gesot, dass et net am Sënn vun de Bréifdréier ass, d'Gewiicht vum reservéierte Courier vu 50 op 350 Gramm stoen ze loossen.

Zum Thema Zukunftsperspektiven an Ofsécherung vun engem héich sozialen Niveau vum Emploi steet an der neier Direktiv, dass dofir gesuergt muss ginn, dass de ganze Postsektor dovun profitéiere kann. Dat ënnerschreift den ADR mat zwou Hänn.

Wann ee sech awer Suerge mécht ëm den Niveau vun enger sozialer Ofsécherung, da fänkt ee jo awer net beim héchsten Niveau un ze verbessere, mä beim klengsten. Also suergt ee fir d'éischt dofir, dass d'Gefäll, den Niveauënnerschied, tëschent dem privaten an dem öffentleche Postier net ze grouss ass, an domat d'Käschte vum Service ähnlech sinn. Da lafen d'Clienten och net esou schnell fort. Fir de Client, fir eis all, ass et dat Wichtigst, dass hie sech un e Prestataire wende kann, an deen hie Vertrauen huet an deen him e Qualitéitsservice zu kompetitive Präisser ubitt.

Dës Regierung, grad esou wéi déi vu virdrun, huet awer näischt gemaach, fir hire Beamten an hirem Betrib Mëttel ze ginn, fir sech mat der Konkurrenz auserneen ze dinn. Dass grad um Gebitt vun der Preparatioun vun der Entreprise Post näischt oder net vill geschitt ass, bewiesen op d'mannst folgend Texter, zum Beispill aus dem Avis vun der Chambre de Commerce. Do steet: 17% vum Marché si fräi fir d'Konkurrenz. Dat seet d'Regierung. D'Chamber bezweifelt dës Zuele mam Argument, d'Entreprise wär nach ëmmer net an der Lag e getrennte Bilan ze presentéiere fir hir Haaptaktivitéiten. Dat sinn d'Postservicer, d'Télécom an de Postchèque.

(Interruption)

Dëst behënnert d'Transparenz a komplizéiert all Berechnung an ass contraire zur Direktiv. Kee Wonner also, wann de Conseil d'État a sengem Avis virdu warnet, dass dëse Wee mat dräi Zwëschenetappen net zur Inaktioun féieren därerf bei der Entreprise Post.

Här President, zum Schluss wëll ech d'Positioun vum ADR esou resuméieren. Éischstens: Wat d'Garantien ubelaangt fir e gesécheren universelle Postdéngscht zugschichte vun allen, kënnt den ADR dësem Projet zoustëmmen. Zweetens: Och wann eréischt am Joer 2006, déi an der Direktiv virgesinn ënnescht Grenz op 50 Gramm ofgebaut gëtt, esou ass d'Regierung mat dësem Projet dach um richtige Wee. Drëttens: Wann eisen Amendement zum fräie Verdeelee vu Reklammen duerch Privatfirmen net ugeholl gëtt, da wäert sech den ADR beim Vote enthalten. Den ADR verlaangt, dass d'Verdeelee vu Reklamme vu Privatfirmae ka gemaach ginn. De Publipostage gehéiert net an de staatleche Monopol. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Greisen. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn net Member vun der zoustänneger Kommissioun, dat ass mäi Kolleeg Robert Garcia. Well deen awer krankheetshalber net hei ka sinn, wëll ech selwer e puer Wuert zu dësem Projet de loi fir déi Gréng soen.

Erlaabt mir vläicht zwou méi grondsätzlech Virbemerken, ier ech zu de Services postaux kommen. Dat eent ass eng Virbemerken par rapport zu der Liberaliséierung insgesamt, déi an Europa a weltwäit zënter ronn zéng bis zwielef Joer sech ëmmer méi duerchgesat huet, dat bekanntlech op Wonsch vun politesche Mainstream an Europa, deen op déi Privatiséierung a Liberaliséierung ëmmer méi gedrängt huet.

Ech wëll soen, an dat ass bekannt, dass ech eng ganz staark Skepsis hu par rapport zur ganzer Liberaliséierungswell, déi an deene vergaangene Joren a ville Secteuren ëmmer méi komm ass. Wann een d'Resultater kuckt an enger ganzer Rei vu Länner, net nëmmen a Länner vum Tiers Monde, mä och an europäesche Länner, a verschidene grouse Secteuren, déi liberaliséiert gi sinn, da sinn déi Erfahrungen, déi um europäesche Plang gemaach gi sinn, net ganz positiv. Dat ass emol dat mindest, wat ee ka soen.

Besonnesch um soziale Plang an och wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt, sinn déi Erfahrungen esouguer éischer negativ. Ech hat och an deem Kontext d'lescht Joer, ëm déiselwecht Zäit lech e Rapport presentéiert vun deem wat bei der Welthandelskonferenz zu Doha diskutéiert ginn ass, wou et jo kloer ass, dass den Trend ëmmer méi a Richtung vun der Liberaliséierung a Privatiséierung an Dereguléierung geet. An deem Kontext ass et esou, dass een Ofkommen do ass, dat ass dat sougenannt GATS-Ofkommen. Dat ass eben d'Ofkommenes iwwert d'Liberaliséierung vun den Déngschtleeschungen. An deem Kontext gëtt am Moment vun der europäescher Kommissioun, am Numm vun den Europäer verhandelt zu Genf hannert verschlossenen Dieren, wou kee weess wat genau do verhandelt gëtt, a wou keng Transparenz ginn ass, a wou den Trend an d'Richtung geet fir praktesch alles, wat bis elo öffentlech Déngschtleeschung war, ze liberaliséieren. Dat geet och an d'Richtung fir Waasser, Elektrizitéit, Schoul, Santé an esou virun ze liberaliséieren. Dat ass en Trend. Esou eng wëll Dereguléierung ass eppes wat mir absolut net kënnen matdroen am Allgemengen, well mer d'Konsequenzen dovunner, besonnesch um soziale Plang, mä

och um Plang vun der Déngscht-leeschung, wat de Client ubelaangt, als net onbedéngt positiv ugesinn.

(Interruption)

Här Henckes, ech droen net alles dat wat am Ausland mengetwege vun der franséischer sozialistescher Regierung, wou och Grénger mat dobäi waren, gemaach ginn ass. Ech mengen, et muss ee jo och kënnen aus schlechten Erfahrung léieren. Ech mengen, et ass besser, et léiert een aus schlechten Erfahrungen, wéi et léiert een net draus an et mécht ee virun an eng falsch Direktioun.

Dat gesot, wéilt ech awer soen, datt fir eis natierlech de Service public, eng öffentlech Déngscht-leeschung, och méi effikass muss sinn, wéi dat haut deelweis de Fall ass. An och de Service au client muss selbstverständlech besser ginn. Op ville Plazen ass nach muenches ze verbesseren an deem Sënn. Dat heescht awer net, datt dat automatesch da géif heeschen, datt een d'Buedbidde mam Waasser muss ausschëdden, mä da misst een awer och kënnen an deem aktuelle Statut Verbesserungen duerchsetzen, déi e bessere Service géifen assuréieren.

Wat elo déi heite Situatioun ubelaangt vun de Postdéngschter, soll et jo elo zu enger Öffnung vun der Konkurrenz kommen am Joer 2003, vun 42% vum Chiffre d'affaires, an 2006 vun 48% vum Chiffre d'affaires. Dat si ganz grouss Undeeler vun Öffnung zur Konkurrenz, an ech muss soen, datt mir Problemer hunn an déi Richtung matzegoen aus enger Rei vu Grënn. Dat eent ass, wann een elo d'Avise vun de Chambres professionnelles duerchliet, an et liest een zum Beispill dee vun der Chambre de Travail, da ginn do zwou, dräi wesentlech Saache gesot, déi eis och ze denke ginn. Ech wëll lech eent vun den Argumenter vun der Chambre de Travail hei kuerz virlesen: „La Chambre de Travail n'est pas d'accord avec la libération projetée“. An da firwat: „Cette dernière mettrait en danger l'opérateur luxembourgeois qui, mesuré à l'échelle européenne“, dat heescht also mat deenen anere grësseren Ubidder um Marché, „est une petite société, dont la survie pourrait facilement être menacée“. Dat ass en Argument, wat eis och ze denke gëtt, wat eis och skeptesch mécht par rapport zu där projetéierter Liberaliséierung. Da steet am Avis vun der Chambre de Travail och, datt d'Marge de manoeuvre fir d'Regierung hätt kënne méi ausgenotzt ginn an deem Sënn, datt zum Beispill bei de Services réservés d'Envois transfrontaliers an de Publipostage hätte kënnen dodra bleiwen. An dann ass virun allem awer eng Remarque, déi fir mech...

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Déi sinn dran! Et ass jo just dat, wat mer gemaach hunn. De Publipostage an d'Services réservés sinn dran, wat jo de «Courroux» vum ADR hei ass.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Här Biltgen, et ass jo dat wat ech hei zitéiert hunn. Ech hunn hei just d'Chambre de Travail zitéiert.

Ech si frou, wann Der dat op deem dote Punkt gemaach hutt. Dat ännert awer näischt drun, datt et nach weider Grënn gëtt, firwat datt mer deem Projet hei skeptesch vis-à-vis stinn, an een dovunner ass och schonn ugefëiert ginn hei vun Här Fayot. Op Grund vun där Motioun, déi déi Gréng erabruecht hunn, an déi dann ergänzt ginn ass vun der sozialistescher Fraktioun, si mir och der Meenung, datt hätt missen dann no der éischter Etapp, déi gemaach ginn ass, eng Evaluatioun gemaach gi vun de Resultater dovunner, déi vun der europäescher Kommissioun fir 2006 projezéiert gëtt, mä déi awer...

M. le Président.- Den Här Minister wëllt intervenéieren.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Just zu deem Zousaz, deen d'Madame Delvaux erabruecht hat, mat deem ech och honnertprozenteg d'accord war, well e mer och gehollef huet. Mir hunn dat gemaach. Dir hutt eis opgefuerdert, dass mir sollen insistéieren, a mir hu bis zum Schluss dorobber insistéiert.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Wat ass dann d'Resultat?

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Mir sinn domadder net duerchkomm. D'Fro vum Resultat ass natierlech déi, wann een an enger Majorité qualifié ass, wou een emol kee Veto huet, muss een de Kompromëss do zouschloen, wou de Kompromëss akzeptabel ass fir d'Land. A menger Ried herno erklären ech lech dat. Mä mir hu bis zum Schluss insistéiert, awer dee Moment, wou mer e Kompromëss haten, deen eiser Post et erlaabt, sech esou ze restrukturéiere bis 2009, dass näischt u se kënnt, war et awer och eis Aufgab als Regierung, fir deem Kompromëss do zouzestëmmen. Nach eng kéier, mir haten hei kee Veto-Recht. Hei ass d'Majorité qualifié, d'Co-déci-sioun ; den Här Fayot kennt d'Prozedur.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Jo, mä d'Motioun vun der Chamber war awer un lech gaangen, fir eng Evaluatioun ze maachen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- D'Motioun ass u mech gaang: „D'insister sur une évaluation“, well mir kënnen d'Evaluatioun net maachen. Dat kann nëmmen d'Kommissioun. A mir hu bis zum Schluss, bis zum Geht-nicht-mehr bei der Kommissioun insistéiert, dass se dat soll maachen, an d'Kommissioun wëllt dat net. Leider kënnt Dir keng Motioun direkt un d'Kommissioun maachen, dat hätt eis méi gehollef, Här Huss.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Leider nach net.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Dat kann nach kommen.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Bon, ech mengen, et ass also ganz kloer, datt mir eng grouss Skepsis hu par rapport zu där ganzer Liberaliséierungswell, déi do rullt, déi nach viru soll goen, well mer am Fong net agesinn, firwat datt dat muss geschéien, wann et méiglech wier duerch gezielte Reformen am Statut vun den öffentliche Betriber et och an deem Kontext zu Verbesserungen ze bréngen. Dat heescht, datt do d'Effikassitéit géif verbessert ginn, datt de Service au public géif verbessert ginn. Da gesi mir net an, firwat datt automatesch muss och d'Konkurrenz zu private Betriber opgemaach ginn. Dat heescht, déi ganz Richtung ass fir eis eng Richtung, déi, wat d'Resultater vun deene Liberaliséierungen herno ubelaangt - a mir gesinn dat jo awer, ech mengen, Dir sidd jo awer um Courant, wat op anere Secteuren an de Länner ronderëm eis um Niveau vun der Liberaliséierung geschitt ass; ech brauch nëmmen d'Beispill vun England ze huelen, souwuel wat d'Energiefro oder d'Transportfro ubelaangt, oder wat France-Télécom a Frankräich ubelaangt - awer alles anescht wéi iwwerzeegend ass. An dat ass fir eis also en allgemeinen Trend, wou mir méi wéi skeptesch sinn, ...

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Mir och, Här Huss!

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- ... a wou mer also dofir

der Meenung sinn, datt mer deem Projet de loi net kënnen zoustëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Här President, dat wat hei gemaach gëtt, dat gëtt a schéi Wieder gekleet. E wéineg konkurrenzientl Emfeld misste mer liberaliséieren, fir dass déi néideg Moderniséierung kënnten am Intérêt vun den Utilisateure vollzu ginn. Besonnesch bei neie Produkter wier et wichteg, fir se méi accessibel ze maachen. Dat liest sech alles wéi eng Reklamm. Begrënt gëtt et net. Et muss een eppes den Neoliberalen zougestoen, dat ass, dass se bis elo de Kampf um Gebitt vun den Iddie gewonnen hunn, heiansdo bis an d'Reie vun alternativ wëllende Parteien eran.

(Interruption)

Bei lech net, dat ass wouer. Mä ech hunn och aner Téin elo während der Debatt héieren, wou et sech awer e bëssen ugesäit, wéi wann déi Reklammen do einfach géifen ofgelies ginn. Dobäi, mengen ech - an dat misst eigentlech jidderengem kloer sinn, och deem, dee mat deenen dote Wieder déi Saach hei verteidigt - geet et jo net dorëm. Deen eenzege Beweggrund ass d'Ouverture vum Postmarché, esou wéi aner Marchéen och sollen opgemaach ginn, well sech säfteg Profiter do erwaart ginn, an déi allgemeng Auswierkunge vun där Tendenz wäerten och net ausbleiwen. Dat heescht, dass d'Léin an d'Sozialbedingungen an deem Secteur do erof wäert goen, well et gi jo dann och fir d'éischt Profitter an deem Secteur do gemaach, a Léin a Profitter, dat ass jo nun ebe wéi Feier a Waasser.

E Secteur, wou kee soziale Geescht a keen Esprit d'intérêt public méi besteet, dee gesäit och de Benotzer vun deenen öffentliche Déngschtleeschungen nëmme méi als ee Geldbeschafer, an e puer grouss monopolistesche Konkurrenten, déi herno wäerten iwweg bleiwen - well et wäert jo kee sech Illusiounen maachen, dass et sech hei ëm e fräie Maart handelt -, maachen de Match dann ënner sech aus, zerstéieren d'sozial Strukturen an zerstéieren och d'Ëmwelt. Ech wëll nëmmen zwee Beispiller ginn, wéi absurd dat heiansdo ka sinn. D'Gemenge musen elo Tangomasten opriichten, niewent de Postmasten, fir dass d'Handy kënnen fonctionnéieren. Wat eng Sënnlosegkeet, a wat eng Zerstéierung am Fong geholl vun eiser natierlecher Ëmwelt. Wann zwee Postautoen duerch d'Stroossen an Zukunft wäerte fueren, ee vun der Post an ee vun iergendengem privaten Ubidder, hu mer och net onbedéngt vill fir eis Ëmwelt gemaach.

Beispiller vun esou Kapitaliséierungen - ech weigere mech, an Zukunft deen Ausdrock vu Liberaliséierung iwwerhaupt nach ze gebrauchen; et handelt sech ëm eng Kapitaliséierung - hu mer jo gesinn an England, dat jo wäit vir war op deem Gebitt. Do brauch een nëmmen an den Transportsektor kucken ze goen, oder an de Spidolsecteur, fir ze gesinn, wéi d'Auswierkunge vun esou enger Politik sinn.

Ech wëll awer och net de Service public hei idealiséieren. Ech mengen och de Service public kënnt vill verbessert ginn. E kënnt vill méi no bei de Leit sinn, e kënnt sech vill méi opmaache fir d'Leit, sozial Lienen hierstellen zu de Leit, mä do ass awer d'Basis, fir dat ze maachen.

Ech ginn nëmmen e Beispill: Mir wëssen alleguerten, dass d'Bréifdréier och eng gewëssen Zort vu sozialem Kontakt fir d'Leit sinn, ganz dacks zu eelere Leit. Si bréngen hinnen heiansdo hir Rent. Si fëllen hinne Formularen aus. Si schwätzen och emol mat de Leit. Wann et esou kënnt, dass do déi privat Servicer dat alles hunn, dann ass dat ganz anescht. Da kënnt d'Post, pardon, e Mailservice ugefuer mat engem Auto, wou e GPS dran ass, wou hannendrun en Dispatcher ass an enger Zentral, dee ganz genau verfollegt, wou de Chauffeur, oder den Agent d'exploitation, sech dee Moment ophält.

Dee spréngt séier aus sengem Auto, spréngt och séier erëm dran, fir nëmme fortzufueren, well all Arrêt vu méi wéi enger halwer Minutt gëtt direkt registréiert op engem Listing an engem zentrale Computer. Dat, wat ech beschriwwen hunn, ass schonn elo d'Situatioun am Stroossegidderverkéier, wou et schonn déi technesch Iwwerwaachungsmëttel gëtt fir déi Leit, déi do schaffen.

Ech hu virdru vun der sozialer Mission vun de Bréifdréiere geschwat, ech kéint och vun de Postbüro schwätzen. Déi missten an Zukunft vill méi a klengen Uertschafte sinn, souwéi an deenen einzelne Quartieren an de Stied vill méi dezentraliséiert schaffen a vill méi eng breet Palett vu Servicer ubidden, zum Beispill am Zesummenhang mat aneren öffentliche Infrastrukture vun de Gemengen, vun der Sécurité sociale oder vun der Spuerkeess. E Guichet unique kéint et ginn an all Gemeng, all Uertschaft an an all Quartier, wou gewësse staatlech Servicer géifen dran ugebuede ginn, verbonnen iwwer Internet. Dat ass jo alles méiglech schonn de Moment, och an engem öffentliche Service.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech mengen och, dass et schlussendlech eleng de Service public ass, deen d'Méiglechkeet vun enger demokratescher Kontroll och vun der Öffentlechkeet bitt, well et ass kloer, wa bis e Privaten do ass, da féiere mer an der Chamber keng Debatt méi iwwert de Fonctionnement vun esou engem öffentliche Service. Ech weess, wat mer wäert geäntwert ginn. Et wäert mer geäntwert ginn, dass elo jo schonn e Service universel souwisou virgesinn ass, dass d'Post dee soll kréien, an dass d'Post doniewent nach eng Rei Geschäfte ka maachen, wéi deen ominöse Publipostage, vun deem elo geschwat ginn ass, fir dass se sech awer e bësse ka finanzéieren.

Mä ech froe mech: Firwat dann iwwert dee komplizéierte Wee do fueren? Et bleift awer nach ëmmer bestoen, dass dee privatisierten Deel ëmmer nach grouss genuch ass, fir all déi Nodeeler mat sech ze zéien, déi ech virdrun opgezielt hunn. Dee privatisierten Deel wäert permanent Drock maachen op de Service universel, ënner anerem och Drock maachen, fir dass dee seng Präisser an d'Luucht setze soll. Déi, déi drënner leiden, sinn dann déi mat deene kleng Léin. Mir hunn dat jo och gesi bei den Telefonsverbindungen. Grad d'Téléfonsverbindungen vun deene kleng Leit gi méi deier, während bei deene groussen Utilisateuren, déi dauernd um Internet sinn, d'Präisser effektiv erof ginn. Et bréngt also e Gächis sonnergläiche vu gesellschaftleche Ressourcen.

Mir hu gesinn - an ech wëll domat ophalen, well ech gesinn, dass meng Zäit geschwënn eriwwer ass ...

(Brouhaha général)

...wéi dat funktionéiert an deem fonkelneien Telekommunikationsmaart, wann d'Raubdéiere sech bis an d'Hoer geroen, wat da geschitt, a wéi vill Milliarden dann an de Sand gesat ginn. Eise Premier-

minister huet jo hei gesot, Milliarde wäeren elo schonn op de Bourse verspillt ginn. Hien huet gesot, dat hätt virun allem eppes mat den Telekommunikatiounen ze dinn, wat op deem Maart do geschitt. Da fallen d'Coursen op de Boursen. Et gëtt eng Finanzkris, de Budget ass am Eemer an d'Regierung ass an der Panik. Dat ass zum Beispill dat, wat ka geschéie mat där Tendenz hei.

(Coups de cloche de la Présidence)

Duerfir, mengen ech, d'Gebot vun eiser Zäit ass, Resistenz ze maache géint esou eng Entwécklung. An duerfir wäert ech och mat Nee stëmmen.

Ech wëll iwwregens nach eppes zu där Madame do soen.

M. le Président.- Et ass awer elo Feierowend.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*).- Gëschter, wéi se hei gerassch huet si hätt keng Riedezäit méi, hat ech ee Moment dru geduecht hir meng wéineg Riedezäit, déi ech nach zum Budget hunn, ze offéieren. Ech gesinn, si ass elo déi éischt, fir mech hei ze ënnerbriechen.

Une voix.- Dir hutt hir jo Är Zäit net ginn. Firwat soll se lech dann nach merci soen?

(Brouhaha général)

M. le Président.- D'Wuert huet elo den delegéierte Kommunikationsminister, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mir fir d'éischt dem Rapporteur, dem Jean-Marie Halsdorf, merci ze soe fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Bericht. Hien huet sech wierklech d'Méi ginn, fir déi ganz Antécédenten ze kucken, well wann een d'Antécédenten net kuckt, da kéint een hei natierlech objektiv soen: Hei kann ech och dergéint stëmmen.

Et ass evident, mat deene meeschte Riedner, ofgesi vun deem vum ADR, sinn ech absolut enger Meenung - iwwregens net nëmmen ech, mä d'Regierung -, dass d'Liberaliséierung net onbedéngt ëmmer nëmme gutt ass, a méi oft schlecht wéi gutt ass. Dës Lëtzebuerger Regierung, grad ewéi hir Virgängerinnen, war ni e Liberaliséierungsfanatiker. D'Liberaliséierung kann eppes bréngen. Et gi Beispiller, wou d'Liberaliséierung eppes bruecht huet.

Um mobilen Telekomsberäich huet d'Liberaliséierung mat méi Kompetitioun, déi nei ugefaangen huet, doudsécher eppes bruecht, méi wéi dat, wat do e Monopol bruecht hätt, wann e Monopol eleng komm wier. Bei der Post zu Lëtzebuerg awer waren déi successiv Lëtzebuerger Regierungen dauernd der Meenung, dass eng Liberaliséierung näischt méi géif bréngen. Wuerfir gëtt eng Liberaliséierung gemaach? Wat ass dat, wat d'Liberaliséierungsbefürworter am Hannerkapp hunn?

Si haten am Hannerkapp, dass méi effikass a méi bëlleg Servicer géifen ugebuede ginn. Et gouf eng ganz Partie Länner, besonnesch am Beräich vun der Post, wou d'staatlech, d'öffentlech-rechtlech Monopol-Postservicer effektiv keng gutt Servicer ugebueden hunn. Dir kennt déi Länner och, wou Är Kaarten ni ukomm sinn, wann Dir se aus der Vakanz geschéckt hutt. Déi Länner waren der Meenung, dass wann ee géif Liberaliséierung maachen, wann ee géif d'staatlech Monopoler zerschloen, géif et fir de Stat méi bëlleg ginn an et géife méi effikass Servicer kommen.

Zu Lëtzebuerg musse mer allerdings feststellen, dass mer ëmmer Postservicer haten, déi net nëmmen effikass waren, mä déi och zu

akzeptable Präisser waren. Dat heescht vu vireran, datt d'Liberaliséierung an Europa Lëtzebuerg rose wéineg bréngen kann, och net op deene Randberäicher vum Publipostage, deen elo vum ADR hei ervirgehewe gëtt.

Insgesamt brauche mir zu Lëtzebuerg keng Postliberaliséierung, mä d'Liberaliséierung ass eppes, wat an Europa leeft a wat an Europa duerchgefuert gëtt. Et muss ee wëssen, dass dat en Domän ass an Europa, wou mat Majorité qualifizéiert ofgestëmmt gëtt. Dat heescht: De Lëtzeburger Minister, wat ech virdru scho gesot hunn, huet kee Vetorecht. Nach wësst Dir, wéi schwieleg et ass, als klenge Land e Vetorecht anzusetzen. Do, wou Unanimitéit ass, an et ass e klenge Land, wat eleng steet, do gëtt virun him geknéit, dass et soll mat deenen anere stëmmen. Do, wou awer Majorité qualifizéiert ass, an et ass e grouss Land, wat Problemer huet, do gëtt versicht virun deenen aneren ze knéien, fir dass et eng Unanimitéit gëtt. Dat sinn d'Gréissteverhältnissen an Europa. Mat deene muss mer liewen. An do muss mer dat Beschte draus maachen.

Dofir hunn déi successiv Lëtzeburger Regierungen och versicht, Alliéierter ze fannen, déi hinne gehollef hunn, déi Liberaliséierung esou ze gestalten, dass zu Lëtzebuerg net eisen Opérateur historique, wéi dat heescht, eis Post, géif zerschloe ginn, well eng total Liberaliséierung, ouni e staarke Lëtzeburger Matspiller, géif de Lëtzeburger näischt bréngen. Dat muss een einfach wëssen. Duerfir ass Lëtzebuerg net interessant genuch, fir dass elo esou vill auslännesch Operateuren hei géifen hikommen an duerch d'Konkurrenz dat ubidden, wat d'Post awer nach ëmmer fir vill Leit ubitt.

Déi éischt Liberaliséierung war ënnert der virechter Regierung an ënnert engem sozialistesche Minister ausgehandelt ginn. Mir hunn déi jo eréischt am November 2000 gestëmmt. Dir wësst, dass mer du virun éischte Verhandlung stoungen, fir déi nei Liberaliséierung ze maachen. Duerfir ass och déi Motion zustane komm, déi ech selwer gewënscht hunn, fir nämlech och mir kënnen de Réck ze stäipen an Europa, fir ze soen, ech kéint wierklech net alles matmaachen. Mir sinn dunn am Dezember 2000 net eens ginn, obwuel mer ënner franséischer Présidence mam Statssekretär Pierret relativ no un engem Kompromëss dru waren, mä d'Ultraliberaliséierer an Europa an an der Kommissioun wollten dee Kompromëss vun der franséischer Présidence net unhuelen, deen ech deemools mat gedroen hatt.

An dat ass e Punkt, deen ech einfach hei wëll soen. Wann een an der Majorité qualifizéiert ass an et muss ee Kompromesser schléisen, da muss een dem Kompromëss dann zouschloen, wann de Kompromëss gudd ass, well wann een ze laang waart, da kann de Kompromëss méi schlecht ginn. Wann nämlech an engem Dossier, wéi deem heiten, duerch nei Regierungen, déi an de Conseil des Ministres kommen, Lëtzebuerg herno ganz eleng ass, da kritt Lëtzebuerg iwwerhaupt keen uerdentleche Kompromëss méi erausgeschloen.

(Interruption)

Net onbedéngt, Här Fayot. Do ginn et där enger wéi där anerer. Mam Här Pierret wousst ech, wat ech hat, a mat deem neie wousst ech nach net, wat ech hat. Obwuel ech mengen, dass ech mat deem neien, mat der Madame Fontaine, déi Dir jo gutt kennt, och eens gi wär.

Mä et weess een ni, wat kéinnt. Et dierf ee just net an dat Schema verfallen, Här Fayot, dass ee mengt déi lénks Regierunge wären déi, déi géint d'Liberaliséierunge wären, an déi riets déi, déi duerfir wären.

Dat geet an Europa vill méi konterbosseg do.

M. Ben Fayot (LSAP).- Do sinn ech ganz mat lech d'accord Här Biltgen, mä esou, wéi Dir et duergestallt hutt, huet et awer gesinn, wéi wann déi Ännerungen an de Regierungen dozou gefouert hätten, dass et méi liberal ginn ass.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications*.- Neen, Här Fayot. Wat ech wollt soen, dat ass: Ech hat e Kompromëss ze maachen am Joer 2001. Ech wousst wie mer do gehollef huet, op wat fir ee Kompromëss ze kommen. Fir mech war dee Kompromëss dee Moment esou gudd, dass ech gesot hunn: Léiwer dee Kompromëss huelen, well du weess net, wat duerno kéinnt, an da kriss de vläicht ni méi esou e gudd Kompromëss ugebueden, wéi deen heiten. Dat ass dann einfach och dat, wat e Minister muss an Europa maachen. Hie muss do seng Verantwortung huelen, an ech stinn och zu där Verantwortung. An ech mengen, dass dee Kompromëss, dee mer fonnt hunn, richtig ass.

Wat hu mer kritt? Mir hunn zwou Saache kritt. Mir hunn eppes kritt, wat insgesamt fir all Land zielt, nämlech dass 2009 net de Postsektor automatesch liberaliséiert gëtt, mä dass dann d'Regierungen nach eng Kéier zesumme kommen. Deemno wat mat der Liberaliséierung gescheit, komme vläicht aner Länner och zur Iwwerleeung, dass net eng honnertprozenteg Liberaliséierung dat Beschte ass. Dat heescht: 2009 ginn d'Kaarte frësch gemëscht! A wat 2009 ass, dat weess nach keen. Mir si jo elo grad amgaang ze rätselen, wat soll 2005 sinn, mä 2009, «das ist ein weites Feld», wéi den Theodor Fontane geschriwwen hatt. Dat muss mer nach kucken, wat do kéinnt. Also ass dat emol schonn eng éischt Garantie, dass mer elo wëssen, dass et net automatesch zu enger totaler Liberaliséierung kéint no 2009.

Zweetens, an dat ass fir Lëtzebuerg wichteg, an dat ass eben de Kompromëss, dee mir fir Lëtzebuerg konnten eraushandele bei eise Kolleegen a bei der Kommissioun, ass et esou, dass mir d'Recht kréien, fir an de Services réservés, souwuel de Courrier transfrontière sortant wéi an därselwechter Limite de Publipostage mat eranzehuelen.

Dat ass de springende Punkt fir eis gewiescht, well de Service transfrontière sortant mécht zu Lëtzebuerg wäit iwwer 30% aus vun dem ganze Courrier vun der Post. Wann deen total liberaliséiert gëtt - an deene meeschte Länner gëtt en total liberaliséiert -, dann huet d'Post en décke Problem. Dat ass eng Exceptioun, déi mir hu misse fir Lëtzebuerg erreichen. Dat hu mir a villen Négociatiounen an a villen Interventiounen fäerdeg bruecht. An dat ass eppes, wou een huet missen zouschloen oder net, well dat hëlleft einfach der Post, déi Suen eranzekréien, fir dass hir Services kënnen esou restrukturéiert ginn, dass d'Post uerdentlech funktionnéiert, an ouni dass awer d'Post elo op eemol ufänkt sech selwer sozial ze zerschloen.

A wann ech da kann och eng Chambre professionnelle zitieren - et ass jo d'Chambre de Commerce schonn zitiert ginn, et ass d'Chambre de Travail zitiert ginn-, dann zitieren ech d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi Folgendes schreift. Ech mengen, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics kann een net virwerfen, dass se ultra-liberal Tendenzen u sech hatt.

Déi Chamber schreift: «Quoi qu'il en soit, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics approuve à sa juste valeur que les représentants luxembourgeois dans le Conseil des Ministres, chargés des affaires postales, aient réussi le maintien dans les services réservés: 1) des envois de correspondance en provenance et à destina-

tion d'un Etat membre de l'Union européenne ou d'un pays tiers;» - «en provenance» ass awer falsch - „b) du matériel de publicité ou de marketing publipostage“.

Et ass grad dat, wat mer gemaach hunn, an et ass och grad do, wou ech net ka mam Amendement vun dem ADR d'accord sinn. En Amendement, dee bei der Chambre de Commerce geknäipt ass. Ech kann deen einfach net akzeptieren, well dat war fir eis e springende Punkt, dass mer just dat doten an de Services réservés bäibehalen.

(Interruption)

An deem Sënn, mengen ech, dass dat Gesetz, wat dee Kompromëss hei ëmsetzt, e gudd Gesetz ass, well mir liberaliséieren, ouni dass mir awer hei eis selwer e wichtigen Opérateur aus dem Terrain eraus-schloen.

Mir behalen eng Post, déi sech muss restrukturéieren. Och dat soll een net schlecht gesinn, dass d'Post net méi total de Monopol huet. Si muss sech jo da selwer a Fro stellen, selwer kucken, wéi se ka méi effikass schaffen. An ech mengen, dat huet se och an deene leschte Jore gemaach. Ech hunn all Vertrauen dran, dass eis Post et fäerdeg bréngt, ganz roueg sech esou ze transforméieren, ouni dass se och hiert Häerz an hiert Gesicht verléiert. Mir sinn net gaang - an dat ass schonn hei gesot ginn op der Chambertribün -, wéi an anere Länner, dass mer d'Post verkaaft hätten, oder dass mer d'Post an zwee gespléckt hätten. Mir si vill méi roueg un déi doten Dossierer erugaang. Ech mengen, d'Zäit huet eis Recht ginn.

Ech soen lech merci, an ech hoffen, dass dee Projet eng grouss Majoritéit hei kritt.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5007 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 3 ass gelies.

Zum Artikel 3 ass en Amendement vum Här Fernand Greisen abruucht ginn.

Une voix.- Mir froen e Vote électronique.

M. le Président.- Jo, loosst mech wann ech glift fir d'éischt ausschwätzen.

(Hilarité)

Den Amendement ass verdeelt ginn a läit also textuell virun lech, esou dass mer direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

Amendement 1

Vote

Déi fir den Amendement vum ADR si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

Den Amendement ass verworf mat 51 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an enger Abstention.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Norbert Hauptert), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nick-

laus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Domat ass den Artikel 3 an der virleiender Fassung ugeholl.

Mir furen da weider.

D'Artikelen 4 bis 13 si gelies an ugeholl.

Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-, 18 Nee-Stëmmen a 7 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Georges Wohlfart), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Wat eis Aarbecht fir déi nächst Woch ubelaangt, huet d'Präsidentkonferenz haut de Moie getagt a schléit lech Folgendes vir:

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, de 17. Dezember, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 18. Dezember, moies um néng Auer an nomëttes um halwer dräi, an en Donneschdeg, den 19. Dezember, moies um 9 Auer an nomëttes och um halwer dräi.

En Dënschdeg hu mer de Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun iwwert de Budget mat uschléissender Diskussioun an Ofstëmmung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgesat.

E Mëttwoch de Moien an nomëttes hu mer:

1. de Projet de loi 5053 iwwert de Mindestloun, zesumme mat der Proposition de loi 4995 vum Här Lucien Lux;

2. de Projet de loi 4694, eng Direktiv iwwert den Détachement de travailleurs, nom Modell 1;

3. de Projet de loi 4825A a 4825B iwwert de Secteur Horesca, och nom Modell 2;

4. ënnert engem Punkt: de Projet de loi 4917, 4926 an 4923 iwwert de Bau an d'Moderniséierung vun Alters- a Fleegeheimer nom Modell 2. Insgesamt stinn deenen dräi Rapporturen 30 Minutte Riedezäit zur Verfügung;

5. de Projet de loi 4927 iwwert de Recouvrement vu Steieren an anere Bäiträg nom Modell 1;

6. de Projet de loi 5016 iwwert de Kaf vun engem Verwaltungsgebei op der Escher Strooss hei an der Stad nom Modell 1;

7. de Projet de loi 5033 iwwert d'Organismes de placement collectif nom Modell 1. Hei stinn dem Rapporteur 20 Minuten zou.

Den Odro du jour gëtt ofgeschloss, och wann d'Sitzung no halwer siwe muss verlängert ginn. Ech mengen, dat versteet jiddereen.

Da kéint en Donneschdeg de Moien um 9 Auer a mëttes um halwer dräi fortlaafend:

1. de Projet de loi 5052 iwwert d'Upassung vun de Renten;

2. de Projet de loi 4897 iwwert d'Verwaltungspersonal bei de Sozialversécherungen;

3. ënnert engem Punkt: de Projet de loi 4768, 4794 an 4903 iwwert den Artikel K.3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun;

4. de Projet de loi 4933 iwwert d'Armée;

5. de Projet de loi 5021 iwwer en Dokumentatiounszenter iwwert d'Resistenz;

6. de Projet de loi 5037: d'Vollmachten fir eise Grand-Duc nom Modell 1. Gläichzäiteg gëtt dem Här Alex Bodry seng Proposition de loi 5058 presentéiert, esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement virgesinn ass.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.23 heures)

Chamber TV

um Réseau vun der Eltrona/Siemens (imagin) um Kanal S 40 / 455.25 MHz

um Réseau vun der Coditel um Kanal S 29